

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Mehr als eine Handvoll Dollar*", deen den 28. Mee am Tageblatt publizéiert gouf, heescht et, datt d'ONG "Tax Justice Network" mat Sëtz zu Bristol a Groussbritannien, Lëtzebuerg nach ëmmer als "Steieroas" bezechent. Dëst, well Entreprisen hei am Aklang mat der nationaler Legislatioun deelweis manner Steiere bezuelen, wéi an anere Länner. Weider heescht et an deem Artikel, datt déi genannten ONG, Lëtzebuerg dobäi op Basis vun enger selwer-gewielter, subjektiver Definitioun uprangert. Op der Lëscht vun hiren Donateure fënnt sech ënner anerem d'EU-Kommissioun.

An deem Sënn géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Gesäit d'Regierung et als opportun, datt d'EU-Kommissioun trotz dem Brexit eng ONG mat Sëtz am Vereenegte Kinnekräich finanzéiert, där hir Aktivitéiten dem Lëtzebuerger Image zu Onrecht schueden?
- 2) Gedenkt d'Regierung am Sënn vun der Fro virdrun, bei der EU-Kommissioun ze intervenéieren, fir dës Finanzéierung ze stoppen? Falls net, kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi Decisioun motivéiert ass a wéi se sech mat der Regierung hirer Politik vum "Nation Branding" verdréit?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten